

Good Practice Beispill „Gitt dobaussen aktiv“

E Bëschdag mat de Steeseler Wullmais

“Am Ufank stinn déi eegen Erfahrungen”

D' Ufanksiddi:

D' Crèche Kannerhaus Steesel huet virun ongeféier 18 Joer de Bëschprojet an d' Liewe geruff, fir regelméisseg mat de Kanner op de Steeseler Plateau an de Bësch ze goen. Well de Wee an de Bësch ze wäit fir déi Kleng ass, ass zesumme mat de Verantwortleche vun der Gemeng Steesel d' Léisung fonnt ginn, d' Kanner mam Schoulbus erop an de Bësch an rëm zréck ze féieren. Domat war den Ufank vum Projet gemaach an d' Kanner si regelméisseg während der Schoulzäit Dënschdes moies vun 9:30-11:00 Auer an de Bësch gaangen.

No an no huet déi pedagogesch Equipe vum Kannerhaus awer festgestallt, datt just 1 ½ Stonn am Bësch net ideal a virun allem net genuch fir d' Kanner wier. Aus zäitlechen an organisatoresche Grënn, konnt des Iddi awer net weider entwéckelt ginn.

Dunn koum de Lockdown a mir hunn eis Zäit geholl fir de Bëschprojet fir eise Grupp Wullmais, dat sinn 11 Kanner vun 2-4 Joer, ze iwwerschaffen an ze erweideren.



“Man braucht Zeit für visionäre Gedankenspiele, die nicht nur an Machbarem ausgerichtet sind. Visionen bleiben auch später Wegbegleiter durch die Täler der Trockenheit.” (Ingrid Miklitz)



D' Weiderentwécklung vum Projet:

Wéll ufanks nach net jiddereen dovun iwverzeegt war, e ganzen Dag mat de Kanner an de Bësch am Bësch ze verbréngen, raus aus der gewinnter Struktur, ass "Am Ufank stinn déi eegen Erfarungen" zu eiser Devise ginn. Vun 1 ½ Stonn am Bësch, op e ganzen Dag Bësch, ass nawell eng grouss Ëmstellung an dofir hu mir zesumme mat eiselem Coordinateur pédagogique decidéiert, fir an enger Ufanksphase e ganzen Dag mam Grupp Wullmais dobaussen ze sinn.

D' Wullmais sinn dunn vum September bis November 2021 fir zwou Stonnen an de Bësch gaangen. Zeréck aus dem Bësch, si mir mat de Kanner eraus an eise grouse Gaart gaangen. Mir hunn dobaussen zu Mëtteg giess an duerno konnte Kanner weider am Gaart bleiwen oder an d' Crèche raschte goen.

Fir de Bëschprojet weider virun ze bréngen, hunn mir mam Fierschter gekläert, ob mir ob déi Plätzen am Bësch dierfe goen, déi mir eis am Virfeld rausgesicht haten.




Am Oktober 2021 hunn mir eng Informatiounsversammlung fir d' Elteren organiséiert, wou mir hinne presentéiert hunn, wat hir Kanner alles am Bësch an am Gaart maachen. Donieft hunn mir och eng ganz Rei Material (z.B Schnëtzmesser, Luppen, Spiegel asw.) virgestallt, dat am Bësch an den Asaz kënnt. Wichtig war eis virun allem den Elteren ze erklären, wéi de Projet ofleeft, datt mir och bei schlechtem Wieder eraus ginn an et dofir wichtig ass, datt hir Kanner dat richtig Material an déi richtig Kleeidung hunn. Am Groussen a Ganze krute mir direkt ee gudden Feedback vun den Elteren, wat eis natierlech gefreet huet a gewisen huet, datt mir um richtige Wee wieren.

Als lescht Etapp hu mir nach just mat der Kichen zesumme gekläert, wei een d' Mëttegiessen mat de Kanner am Bësch am beschten organiséiere kéint. D' Kichen präparéiert eis den Dagesmenü "Bësch gerecht" d.h. datt si d' lesse scho fäerdeg, a méi kleng mondgerecht Stécker geschnidden, erop an de Bësch bréngen. Uewen am Bësch hu mir eng Spillplaz mat Bänken an Dëscher zur Verfügung, wou mir flott a gemittlech mat de Kanner iesse kënnen. Ab dee Moment ware mir eemol d' Woch vun 9:30 - 13:30 Auer am Bësch.



Säit Mee 2022 si mir souguer bis 15:30 Auer am Bësch. Am Moment organiséiere mir de Flexibus aus der Gemeng fir vum Steeseler Plateau erof an Duerf ze kommen. Déi Kanner, déi net de ganzen Dag an d' Crèche kommen, ginn nom lessen vun den Elteren am Bësch ofgeholl.



Mir leeën vill Wäert ob Zesummenaarbecht mat den Elteren, dowéinst bidde mir hinnen d' Méiglechkeet sech anzeschreiwen, fir eis zesummen mat hirem Kand moies an de Bësch ze begleeden. Dëst erméiglecht den Elteren en Abléck an de Crèchen Alldag ze kréien an och aktiv deel ze huelen. Ausserdeem kënnen mir sou zesummen eng stabil Elteren-Crèche-Kand Relatioun opbauen.

Mir si schonn e bëssen houfreg drop kënnen ze soen, datt eis Elteren vum Projet begeeschtert sinn an eis och ëmmer gären ënnerstëtzen. Virun allem si mir frou ze gesinn, wéi gutt de Bëschdag de Kanner deet.

Hei nach e klengen Abléck an en Dag mat eise Wullmais am Bësch. [Klickt hei](#).

Myriam Faber aus dem Kannerhaus Steesel
Éducatrice diplômée a Responsabel vum Bësch Projet

Wann Dir wëllt méi iwwert dëse Projet gewuer ginn, da kënn Dir hinne gären eng Mail schécken un:
kannerhaus@cjf.lu